
D'Ustellungsprozedur fir Enseignanten an der Primärschoul an der Schwäiz

# Virstellungsgespréich vs. Concours



De Schwäizer Bewerbungssystem ass méi meritokratesch wéi zu Lëtzebuerg, fënnt den Auteur. Foto: Pierre Matgé

BRIEFE AN DIE REDAKTION

Ufank Juli ass, wéi all Joer, de Concours fir nei Enseignanten am Fondamental. Wee sech dobäi „en rang utile" klasséiert, ka Mëtt Juli – sengem Klassement no – vun enger Lëscht mat den nach fräie Plazen auswielen, wou en an de Beruff start. Ech schaffen de Moment als Schoulmeeschter zu Bern an der Schwäiz, wou d'Bewerbungs- an d'Ustellungsprozedur an der Primärschoul eng ganz aner ass, wéi zu Lëtzebuerg, a menger Meenung no eng Rei Virdeeler mat sech bréngt.

Generell gekuckt, handelt et sech heibäi méi ëm de klassesche System wéi een en aus anere Beruffer kennt: mat ausgeschriwwene Plazen, Raschécke vu CV a Motivatiounsschreiwes an uschléissendem Virstellungsgespréich mat der Schoulleitung. Duerch dëse System hat ech deemools schonn am Abrëll meng Plaz an hu souguer meng zukünfteg Klass scho kuerz kennegeléiert. Sou konnt ech mech fréizäiteg a gutt op d'Rentrée virbereeden. E Stage beim Beruffseinstieg gëtt et an der

Schwäiz ausserdeem net.

De gréisste Virdeel awer – verglach mat Lëtzebuerg – deen ech an dësem System gesinn, ass déi offensichtlech Win-Win-Situatioun fir béid Parteien, also fir mech als Bewerber a fir meng Schoul als Employeur. Op der enger Säit kann ech mech bei deene Schoulen a Plaze bewerben, déi mech, aus wéi enge Grënn och ëmmer, interesséieren. Op der anerer Säit kann och d'Schoul, am Bewerbungsverfare representéiert duerch d'Schoulleitung (eppes tëscht de Regionaldirektiounen an de Schoulpräsident*innen zu Lëtzebuerg), sech e kompetent a motivéiert Team eraussichen an opbauen, sou dass déi nei Enseignanten ënnert anerem an d'Konzept a bei d'Team passen.

A mengen Aen ass d'Warscheinlechkeet an der Schwäiz ausserdeem méi grouss, dass virun allem déi nei a jonk Enseignantë méi laang an hirer éischter Schoul bleiwen, well se duerch dëse Bewerbungssystem éischter direkt eng Plaz kréien, déi hinne gefält. Grad an den éischten, net einfache Joren an dësem Beruff, ass et menger Meenung no extrem wichteg, dass een sech wuel fillt. Wee mat senger Plaz zefridden ass, ass doriwwer eraus méi motivéiert sech fir seng Klass a seng Schoul laangfristeg z'engagéieren, well een net vläicht scho vum éischte Schouldag u plangt, dat nächst Joer souwisou ze wiesselen. An ze vill Hin an Hier am Schoulbetrib bréngt deene Mannsten eppes, virun allem net de Kanner, déi Sécherheet, Zäit a Bezuchspersoune brauchen.

De Schwäizer Bewerbungssystem ass insgesamt aus menger Siicht méi meritokratesch wéi zu Lëtzebuerg. Nieft engem iwwerzeegende Praktikum wärend dem Studium kann ënnert anerem och en interessanten a fir Enseignantë passende CV belount ginn. Ech stelle mer also d'Fro, ob dëse System net schlussendlech méi fair an transparent ass an ob e CV, e Motivatiounsschreiwen a virun allem e perséinlecht Virstellungsgespréich net besser z'erkenne ginn, wien e gudden, motivéierten a fir d'Plaz gëeegenten Enseignant ass, wéi de Concours a säi Klassement zu Lëtzebuerg?

Ben Hoscheit,

Schoulmeeschter zu Bern